**Evangelium vu Christi Himmelfahrt (Joer B)**

**Mk 16,15-20**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

15 De Jesus ass deenen Eelef erschéngen
a sot zu hinnen:
"Gitt eraus an d'ganz Welt,
verkënnegt der ganzer Schëpfung d'Evangelium!
16 Deen, dee gleeft an sech deefe léisst,
gëtt gerett;
deen awer, deen net gleeft,
gëtt veruerteelt.

17 Dës Zeeche begleeden déi, déi gleewen:
A mengem Numm dreiwen si Dämonen aus;
si schwätzen an neie Sproochen;
18 si huele Schlaangen an d'Hand,
a wann si eppes Gëfteges drénken,
schuet et hinnen net;
si leeë Kranken d'Hänn op,
an déi gi gesond."

19 Nodeems eiser Här Jesus dat zu hinne gesot hat,
gouf hien op an den Himmel geholl,
an hien huet sech op dem Herrgott seng riets Säit gesat.

20 Si awer hunn sech op de Wee gemaach
an hunn iwwerall [d'Evangelium] verkënnegt.
Den Här war mat hinnen
an allem, wat si gemaach hunn,
an hien huet d'Wuert bestätegt
duerch déi Zeechen, déi et begleet hunn.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*